# Konscht zu Lëtzebuerg

*D'Konscht stoung am Abréll am Mëttelpunkt vum radio 100,7-Programm. Dat war keen Zufall. Mam Datum vum 1. Mee gouf en neie Musée ageweit, an e puer Deeg mécht de Centre Pompidou vu Paräis eng Dépendance zu Metz op, zu Lëtzebuerg feiert de Casino Luxembourg, forum d'art contemporain 15 Joer, de Lëtzebuerger Artistenzenter ass 25 Joer al ginn, de MUDAM huet en Deel vu senger Kollektioun aus dem Keller geholl an de Nationale Geschichts- a Konschtmusée sicht no Expansiounsméiglechkeeten. Ass deemno alles Paletti op der Konschtszeen?*

Fernand Weides

An engem Réckbléck op d'Entwécklung vun der Konscht zu Lëtzebuerg huet en avertéierte Konschthistoriker, -kritiker an Ausstellungskommissar kierzlech déi grouss Tendenzen ënnersicht. Hien huet dobäi festgehalen, et wier zu ënnerschiddleche Momenter ëmmer nees zu groussen Diskussiounen, Streidereien an esouguer Ofspaltungen, beispillsweis beim Cercle artistique luxembourgeois (CAL) komm, an dat an den 30er, 50er, 60er oder 70er Joren vum 20. Joerhonnert, egal, d'Lëtzebuerger Konschtszeen ass ëmmer belieft gewiescht, an ass dat och haut nach. Och virun 1995 gouf et Konscht zu Lëtzebuerg, an net däer schlechtster!

Artisten, Kritiker a Muséeskuratoren hunn dozou bäigedroen, international Bewegungen oder Moudetrends hunn eragespillt, bal war ee mol méi vu Paräis beaflosst, bal hunn däitsch Konschtschoulen d'Bewosstsi markéiert, a souguer d'amerikanesch Molerei aus der Nokrichs- a Popzäit ass an de 70er bis bei eis virgestouss.

Konscht ass näischt Statesches, och näischt Eesäiteges, an esou wéi et an der Gesellschaft vun Allem gëtt, esou verlafen d'Konschtrends och net ëmmer an déi nämlecht Richtung. Dat war ëmmer esou, dat ass a bleift esou, seet awer net onbedéngt eppes doriwer aus, ob déi eng Richtung méi wéi déi aner wäert ass. Et gëtt keng Lëtzebuerger Konscht, soen déi eng, héchstens Konscht zu Lëtzebuerg, an iwwerhaapt, Konscht ass universell, se ze nationaliséiere wier wuel eng falsch Approche.

*De Fernand Weides ass Direkter vum radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

D'Konscht zu Lëtzebuerg lieft net op enger Insel, huet och vläicht keng Spezifizitéiten, dat wier dann och esou bei anere Kultursparten, oder net? Konscht ass virun allem den Ausdrock vum Artist, an deen ass an dëser eiser mondialiséierter Welt wuel ganz einfach e Weltbierger, ee wou awer säi Wee trëppelt, opsaugt, wat en ophuele kann, dat bäi sech verschafft an dann nees an anerer Form vu sech beräichert no baussen artikuléiert.

Mol a Form vun Zeechnung, Molerei, Skulptur, Fotografie, Film oder Design respektiv esouguer Installatioun – alles Techniken, déi eleng oder gekräizt agesat kënne ginn, fir d'Positioun vum Artist ze vertrieden.

Zu Lëtzebuerg gëtt et en nationale Musée, dee méi wéi eng Aufgab huet, an de Moment no weidere Raimlechkeete sicht, respektiv op Transformatioune waart, fir ë.a. och seng Konschtkollektioun besser presentéieren ze kënnen. Hei muss ee sech fir d'Zukunft vill erwaarden, well ëmständehalber ass eng ganz Zäit d'Konscht aus Lëtzebuerg do ze kuerz komm.

Vum Casino a vum MUDAM, déi op däer nämlechter Wellelängt segelen a vill dat nämlecht weisen, ass fir de Gros vun de Lëtzebuerger Artisten, oder deenen déi hei schaffen, net vill z'erwaarden. D'Missioun an d'Aufgabendeelung soen eppes Aneres aus. Deen neie Musée Vauban vun der

**Konscht ass näischt Statesches, och näischt Eesäiteges, an esou wéi et an der Gesellschaft vun Allem gëtt, esou verlafen d'Konschtrends och net ëmmer an déi nämlecht Richtung.**

**Vum Casino a vum MUDAM, déi op däer nämlechter Wellelängt segelen a vill dat nämlecht weisen, ass fir de Gros vun de Lëtzebuerger Artisten, oder deenen déi hei schaffen, net vill z'erwaarden.**

Stad Lëtzebuerg betreit seng konschthistoresch interessant Kollektiounen, wäert dat och weider maachen a kaum an d'zaitgenëssesch Kreatioun agräifen.

Well elo awer d'Konschtszeen net eleng aus der „jonker" Konscht, wéi se an d'Konschtbild vu MUDAM a Casino passt, besteet, muss ee sech iwwerleeën, ob bei allen existéirenden Infrastrukturen net dach eng Lacune do ass, net en Espace feelt, an deem esouwuel Konscht aus der zweeter Halschecht vum 20. Joerhonnert, wéi och déi haut zu Lëtzebuerg realiséiert gudd Konscht esouwuel dem Lëtzebuerger, wéi dem Public aus der Grossregioun an Touriste gewiese ka ginn.

Apropos, zu Lëtzebuerg ass et jo elo „in", d'Artisten aus der Groussregioun an eis Konschtszeen anzebezéien, mä ëmgedréit ass dat net esou ausgeprägt. Do ass een net esou „open minded". Vläicht kéint do jo vun ëffentlecher Säit emol nogehaakt ginn. De Kulturministère huet am iwwregen an de leschte Joren eng méi offensiv Politik bedriwwen, eng déi sech weise léist, och wann et nach oppe Froe ginn an heiansdo méi kloer Konzepter kéinte formuléiert ginn.

Mat der Schafung vun neien Ariichtungen am Konschtberäich ass villes geleescht ginn, mä unhand vun auslännesche Beispiller freet ee sech mam Direkter vum Nationale Geschichts- a Konschtmusée, ob mer wierklech net awer eng Nationalgalerie bräichten, déi méi gezielt d'Promotioun vun Artisten net nuren hei zu Lëtzebuerg, mä och am Austausch mam Ausland kéint bedreiwen. Rieds geet och vu feelenden Artistenatelieren, déi et géiwen erlaben, nach méi professionell ze schaffen.

A wéi hu mer agangs gesot. D'Konscht ass ëmmer am Floss, och well se sech an engem permanente Spannungsfeld beweegt, eent dat vu sengem Selbstverständnis hier kaum dofir gemaacht ass, ëmmer am Konsens weiderzekommen. Et goufe courageiert Decisiounen an der Vergaangenheet geholl. Et brauch vläicht nach déi eng oder déi aner fir nach e qualitative Sprong kënnen ze maachen.◆

radio 100,7 *Kulturchronik vum 6.4.2010*

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination**
Lynn Herr, Bernard Thomas

**Autoren dieser Ausgabe**
Norbert Campagna, Martin Ehrenberger, Michel Erpelding, Guy Foetz, Raymond Klein, Frédéric Krier, Jean Lamesch, Jean Langers, Pia Oppel, Jürgen Stoldt, Adrien Thomas, Bernard Thomas, Serge Urbany, Fränz Waldbillig, Fernand Weides

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Jean-Claude Reding

**Originalillustrationen**
Olivier John, Carlo Schmitz

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2010 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture für die finanzielle Unterstützung.

**1, rue Mohrfels**
**L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**